



# FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



## Rapport Referees' Commission - 21.09.2023

Present : Geib, Kröpelin Nesser, Simonelli, Weber,

Entschëllegt : Courtois, Frieden, Frieseisen, Keiffer, Volz, Weinzierl

### 1) **Adoptioun vum Rapport vum 22.08.2023**

### 2) **Presence an Absence RefCom**

*De Prääsident vun der RefCom monéiert d'Presenz vu verschidde Memberen vun der RefCom a wäert déi Leit an nächster Zäit kontaktéiere fir hire Standpunkt gewuer ze ginn.*

### 3) **Tester Ufank Saison 2023:**

*Leider sinn d'Tester vun den Arbitter fir den Ufank vun der Saison net grad gutt ausgefall. Aus dem Gronn applizéiert d'RefCom an Zukunft de Prinzip vun der EHF: Et gëtt nach just 1 (eng) Testseance programméiert. All Arbitter den déi verpasst, oder net packt, kritt 1 (eng) weider Chance den Test ze maachen. Gëtt och dësen Test verpasst oder vermasselt, ass den Arbitter gespaart, bis den Test gepackt ass. Hei gëtt et dann eng 3. a lescht Chance. Sollt och den 3. Test net riicht ausgoen, gëtt déi Persoun vun der FLH Abitterlëscht gestrach, a muss fir nees aktiv ze ginn de GANZEN C-Cours frësch maachen.*

*Verschidden Arbitter hunn den 3. Rappel och scho geschéckt krut.*

*Och sinn ëmmer an ëmmer méi Arbitter, déi keng „Fiche signalétique“ oder „Fiche de disponibilité“ eraschécken. Weiderhi waarde vill Arbitter op d'Besetzung, ier si sech ofmellen. Dëst ass eng onméiglech Situatioun fir d'Besetzungsekipp, déi aus Respekt virun de Veräiner, probéiert all Match ze besetzen. Leider ass dat duerch déi Ëmstänn net ëmmer méiglech, an et musse Matcher ausfalen, well, den Informatiounen no, keen Arbitter méi disponibel ass.*

*D'RefCom freet hei och den Asaz vun de Veräiner, fir bei hire Leit ze intervenéieren, am anere Fall mir Gefor lafen, dass vill Matcher (Reserven-Ekippen) net kënnen a wäerte besat ginn.*

### 4) **Tenue Arbitter AXA-League Matcher**

*D'RefCom wëll all Arbitter aus der AXA-League drop hiweisen, dass si sech akzeptabel kleede sollen, wann si op d'Matcher fueren. Effektiv ginn d'Arbitter vun der Arrivée an der Hall, bis hiren Depart jugéiert, an do ass e latzegt Optrieden net grad vu Virdeel. (Tenue civil oder sportive correcte nieft dem Terrain, a soubal aktiv nëmmen nach d'Saache vum Sponsor). Während dem Match MUSS den Trikot och an der Box sinn.*



Tél : +352 48 54 74 • mail@flh.lu • www.flh.lu • www.flh-live.lu  
CCPL LU24 1111 0119 5625 0000 • BIL LU90 0024 1008 3380 0000

**LU LUXEMBOURG**  
LET'S MAKE IT HAPPEN





# FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



## 5) **Behuelen am Auswieselraum**

*D'Saison huet knaps ugefaangen a schon huet d'RefCom e puer Rapporte kritt, wat Behuele vu Spiller awer och Offizieller am Auswiesselraum ugeet. Aus dësem Gronn sinn eis Delegué an Arbitter opgefuerdert, hei méi streng ze sinn an dat ongewollte Behuelen de Reegelen no ze bestrofen.*

**Nächst RefCom Donneschdes den 5. Oktober 2023 um 18h30**



Tél : +352 48 54 74 ■ mail@flh.lu ■ www.flh.lu ■ www.flh-live.lu  
CCPL LU24 1111 0119 5625 0000 ■ BIL LU90 0024 1008 3380 0000

**LU<sup>EMBOURG</sup>**  
LET'S MAKE IT HAPPEN

